



**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir bannezeg Sécherheet, dem Minister fir d'Fonction publique, dem Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten, an dem Delegierte Minister fir Digitaliséierung op d'parlamentaresch Fro n° 5052 vum 7. Oktober 2021 vun der Madamm Deputéiert Diane Aehm an dem Här Deputéierten Léon Gloden.**

D'geännert Gesetz vum 20. Abrëll 2009 iwwer den Opbau vum Zenter fir Informatiounstechnologien (CTIE) gesäit fir, dass all déi Fonctionnairen an Employéén déi un der Etüd, der Konzeptioun, dem Entwéckelen, der Organisatioun, der Realisatioun, dem Bedriewen oder der Maintenance vun informatésche Léisunge schaffen, eng Prime informatique kënnen kréien. D'Benotze vun enger informatéscher Plattform, sou wéi am Fall vun den Operateure vum Contrôle et information du Trafic sur les autoroutes (CITA), vun deenen vum 112 oder vum 113, ass hei net viséiert. Duerch dëse Fakt ass och den Artikel 1 vum uewe genannte Reglement net erfëllt.

Wat spezifesch d'Police ubelaangt hunn deemno d'Operateure vum CIN (113) a vun deene jeeeweilge Police-Regiounen kee Recht op eng Prime informatique.

Ausserdeem ass ze betounen, dass d'Operateure vum CITA net berechtegt sinn fir eng Primm am Sënn vum Artikel 5 vum dem genannte Reglement ze kréien, dëst well den Dispatching vum CITA keen agreéierte "Service informatique" ass. Zousätzlech ass ze vermierken, dass kee vun den Operateuren Detenteur vun engem "Diplôme opérateur" ass, well esou een Diplom net fir hier Aktivitéit verlaangt gëtt.

Lëtzebuerg, den 09/11/2021

Den Minister fir bannezeg Sécherheet

(s.) Henri Kox